N° 6509
Reçue le 20.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den 12. Juli gouf an der Chamber d'Gesetz vun der Gratis-Kannerberetreiung an de Strukture vun der non-formaler Bildung gestëmmt. Vun der Rentrée 2022-2023 ass den Accueil wärend de Schoulwoche deemno gratis fir déi schoulflichteg Kanner aus dem Enseignement Fondamental. D'Gratuitéit betrëfft all d'Bildungs- a Betreiungsstrukture fir schoulflichteg Kanner, also och d'Dagesmammen a -pappen (Assistants parentaux). Allerguer si se aktuell mat de klammende Präisser bei de Liewensmëttel konfrontéiert, ouni dass de Barême fir d'Gratis-Mëttegiessen am Kader vum System „Chèque Service Accueil" ugepasst ginn ass.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen :

- Kann den Här Minister mech iwwer d'Evolutioun vun der Unzuel vun Dagesmammen a -pappen wärend deene leschten 3 Joer informéieren ?
- Falls ee Réckgang ze verzeechnen ass, wéi eng eventuell Grënn gesäit den Här Minister fir d'Decisioun vun verschiddenen Dageselteren, fir mat hirer Aktivitéit opzehalen?
- Am Fall, wou den Här Minister der Meenung ass, dass d'Dageselteren e wichtegt Element vun der Offer vun der Kannerbetreiung sinn, ass hie gewëllt, eppes géint de Réckgang vun der Unzuel vun „Assistants parentaux" ze maachen?
- Wa jo, wéi eng Moossname si geplangt, fir d'Attraktivitéit vum „Assistant parental" héich ze halen?
- Wéini wëll den Här Minister iwwer eng Upassung vum Plaffong vun der maximaler finanzieller Participatioun duerch de Staat pro Kand a pro Stonn fir den Accueil a fir d'Iessen an den „Structures d'accueil" an och bei den „Assistants parentaux" décidéieren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6509 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

D'Unzuel vun den agreéierten Dageselteren ass zanter 2017, zanter der Aféierung vum *Bildungsrahmenplan* a sengen Ufuerderungen, réckleefeg. D'Unzuel vun den agreéierten Dageselteren huet sech iwwert déi lescht dräi Joer follgendermoossen entwéckelt:

| ***31.12.2019*** | ***31.12.2020*** | ***31.12.2021*** |
|---|---|---|
| 532 | 486 | 448 |

**Ad 2)**

En Agrément kann opgrond vun der Demande vun der Dagesmamm/dem Dagespapp annuléiert ginn, oder e gëtt annuléiert, well d'Dagesmamm/den Dagespapp d'Konditioune vum Gesetz net méi erfëllt. Laut den Aussoe vun deenen Dageselteren, déi eng Demande gestallt hu, fir den Agrement ze annuléieren, sinn d'Grënn, déi si uféieren, ganz ënnerschiddlech. Verschidden Dageseslteren halen zum Beispill op, well si an d'Pensioun ginn, anerer sichen sech eng aner Aarbecht. Eng Rëtsch Dageseltere wiesselen d'Wunneng an halen op mat der Aktivitéit.

Mat der Aféierung vum Bildungsoptrag am Joer 2017 sinn natierlech och déi professionell Ufuerderungen un d'Dageseltere geklommen. Et gëtt sécherlech eng Rëtsch Dageselteren, déi an de leschte Joren opgehalen hunn, well si sech iwwerfuerdert spieren duerch de Bildungsoptrag, dee si kruten, och wa se dat net selwer als Grond uginn.

Mat Ausnam vum Joer 2017, mat der Aféierung vum *Bildungsrahmenplan*, huet sech d'Unzuel vun den Dageselteren, déi all Joer ophalen, awer net weesentlech geännert. Wat geännert huet, a wat och ausschlaggeebend ass fir de Réckgang vun den Dageselteren, ass de Fait, datt sech kaum nach Leit mellen, fir an d'Aktivitéit eranzeklammen. An der Zäit hu pro Joer ëm 100 nei Kandidaten d'Prozedur ugefaangen, fir d'Funktioun vun der Dagesmam/dem Dagespapp ze assuréieren, an hunn domadden d'Unzuel vun den Annulatioune kompenséiert. D'lescht Joer zum Beispill hunn 13 Kandidaten d'Prozedur ugefaangen, an et goufen nëmmen 10 nei Agrementen ausgestallt par rapport zu 49 Annulatiounen.

**Ad 3)**

De Réckgang vun der Unzuel vun Dageselteren ass den 20. Abrëll 2022 an der zoustänneger Chamberkommissioun diskutéiert ginn am Kontext vun der Motioun vum honorabelen Deputéierte Serge Wilmes.

An dëser Chamberkommissioun ass d'Bedeitung vun den Dageselteren als ee wichtegt Element vun der Offer vun der non-formaler Bildung ervirgehuewe ginn, an déi verschidde Pisten, déi an der Ausaarbechtung sinn, goufen erkläert. D'Diversitéit vun der Betreiungs- a Bildungsoffer ze erhalen, ass och laut Regierungsprogramm eng Prioritéit, well se erméiglecht beschtméiglechst op déi verschidde Besoine vum Kand an den Elteren anzegoen.

Fir d'Diversitéit ze erhalen a fir den Accueil en famille ze valoriséieren, gëtt am Kader vun enger Reform vun der Funktioun *Assistance parentale*, zesumme mat de betraffenen Acteuren (Service national de la Jeunesse,

Agence Dageselteren, Dageselteren, Träger aus dem Secteur vun der non-formaler Bildung) a mat Hëllef vun enger externer Consultance, en ëmfaassenden Analys- a Reflexiounsprozess gefouert.

**Ad 4)**

Wéi an der Chamberkommissioun schonns preziséiert, dréien d'Reflexioune ronderëm déi follgend Achsen:

- d'Käschtenanalys vum Accueil bei den Dageseltere mam Hibléck op eng eventuell Erhéijung vun der maximaler staatlecher Hëllef vum Chèque-service accueil;
- d'Meiglechkeet, eng Indemnité de démarrage anzeféieren;
- d'Concertatioune ronderëm d'Aféiere vum Programm vun der Méisproochegkeet bei den Dageselteren.

Vu datt den aktuelle Statut vun den Dageselteren als Indépendant eng Rei Problemer mat sech bréngt, evaluéiert mäin Departement doriwwer eraus och verschidde Pisten am Hibléck op hire Statut.

Et sief an dësem Kontext och drun erënnert, datt d'Gratuitéit vum Accueil an dem Iesse bei de Schoulkanner ab der Rentrée 2022/23 och bei den Dageselteren applizéiert gëtt.

**Ad 5)**

Mäin Departement ass amgaangen, an engem breede Concertatiounsprozess mat enger externer Consultance an all de concernéierten Partner, Analysen ze maachen iwwer d'Käschtestruktur vum Accueil bei den Dageselteren. En änlechen Analys- a Concertatiounsprozess gëtt am Kontext vun den institutionellen Bildungs- a Betreiungsstrukturen initiéiert.

Op Basis vun dësen Analysen gëtt eng Decisioun geholl iwwer eng eventuell Upassung vum Plaffong vun der maximaler finanzieller Partizipatioun duerch de Staat.

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH